

ducal zur Sproocheregelung. Do steet am *Commentaire des articles* - ech widderhuelen et nach eng *Kéier* -, dass den Niveau A2, deen also gefrot ass, fir ze schwätzen, deen ass, deen ee muss erreechen, wann een de *Primaire* gemaach huet a prett ass, fir an de *Secondaire* ze goen.

Sécherlech ass dat fir een, deen eng ganz Schoulpraxis huet, keng oniwwerwindlech *Barrière*. Mä fir deen, deen an der Schoul-experienz vill méi eng limitéiert Erfahrung huet, kann dat wierklech schwiereg ginn.

A beim Verstoen ass et nach méi schwiereg. Ech zitéieren hei - ech soen dat nach eng *Kéier* - aus dem *Commentaire des articles* vum *Projet de règlement grand-ducal*. Do gétt verlaangt, dass ee muss Kenntnisser hu vun där Sprooch, déi enger *Formation* vun néng Joer entsprécht, an der *Primär-schoul* sechs an am *Lycée dräi*, fir dass een also déi Sprooch gutt genuch beherrscht, dass ee ka Coursen an der *Ekonomie*, der *Philosophie* an de *Sciences naturelles* suivéieren.

Dat ass en Niveau, deen a mengen Aen awer ganz schwéier ze erreechen ass, wann een als Aarbechter um Bau schafft oder als een, deen eng aner exigent beruf-flech Tätegkeet huet a vläicht net dee Schoulbagage huet. Et gétt mer gesot, dat wäre Summe vun 3.000, 6.000 Stonnen Unterrecht. Mäin eenzege Plädoyer ass ze soen: Kommt, mir iwwerleeën ons dat a mer kucken, ob mer net domadder vläicht *Barrières* oprichten, déi mer selwer alleguerten net wënschen.

Wéi gesot, mir sollen ons do net zerflee-schen an net zerräissen, a mir sollen och keng - wéi soll ech soen? - *Wahlkampfthe-men* dorausser maachen. Souwisou kënnt et net derzou, well de *Projet* iwwert d'Nationa-litéit kënnt jo am Hierscht zur *Décisioun*. Mir hunn also nach Zäit bis dee Moment driw-er nozedenken. Mir kréien och nach en *Avis* vum *Conseil d'État*.

Loosse mer dat a Gelassenheet ofwaarden. Loosse mer bereet sinn, mateneen iwwert déi dote Problematik ze schwätzen. A loosse mer zesumme kucken, dass mer eng Léisung fannen, mat där mir kënne stolz soen: Mir hunn ons *Nationalitéit* opge-maach, an wierklech opgemaach fir ons Matbierger, déi sech wëllen integréieren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Den Här Statsminister huet d'Wuert nach eng *Kéier*.

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, dem Här Bausch seng Nofro iwwert d'Chif-feren huet mech drun ernënnert, dass ech de Mëtteg eigentlech soss näischt wëlles hat wéi déi Chifferen ze nennen, déi ech net ge-nannt hunn. Ech war esou begeeschtert der DP ze weisen, dass se d'Inflation-supas-ung net ëmmer gemaach huet, dass ech mech vun de richtege Chifferen - dat sinn awer och richtig Chiffere gewiescht - fort-beweegt hunn.

Ech wollt lech soen, dass d'Ëmwandlung vum Arbeitnehmerfreibetrag an e Steierkre-dit ee Steierausfall vu 46 Milliounen Euro ausmécht. Den Arbeitnehmerfreibetrag haut, esou wéi en haut besteet, huet ee Steierausfall vu 50 Milliounen Euro. Et komme 46 Milliounen Euro derbäi; netto méi 46 Milliounen Euro fir d'Arbeitnehmer.

D'Ëmwandlung vum Rentnerfreibetrag an ee Steierkredit huet ee Käschtepunkt vun 33 Milliounen Euro.

D'Ëmwandlung vun dem Abatement mono-parental an ee Steierkredit huet ee Käschte-punkt ronderëm 18 Milliounen Euro.

D'Ëmwandlung vun der Ofsetzung - vun der Déductibilitéit - vun de Scholdzënsen an ee Steierkredit kann ech net 100%eg berech-nen. Dee kascht haut 35 Milliounen Euro; deen Abatement, dee mer haut hunn.

Wat d'Ëmwandlung vun deemselwechten an ee Steierkredit genau kascht, kann ech lech eréischt soen, wa mer d'Konditioune vun där Ëmwandlung, d'Lafdauer, d'Périodi-citéit an d'Miwweléierung vun deenen een-zelne Perioden op der laanger Streck definit-iv festgeluecht hunn a wa mer de genaue Krees vu *Bénéficiairë* festgeluecht hunn. Dat hänkt dervun of, ob mer déi, déi elo am-

gaange sinn hir Scholden ze bezuelen, mat an de Genoss vun esou engem Steierkredit huelen, oder ob mer deen eréischt ulafe loosse fir déi zukünfteg.

Ech sinn der Meenung, dass déi Leit, déi haut amgaange sinn opgrond vun der erhéichter Zënslaascht an opgrond vun den erhéichte Baupräisser op hir Scholden zrëckzebezuelen, musse mat an den Uwen-dungsberäich dovou kommen. Dat ass alles e bësse méi komplizéiert an dat brauch also weider Berechnung. Mä verhaalt, dass en haut 35 Milliounen kascht an dass en duerch *Supplément*, deen derbäikënnt, net däitlech ënnert deem Präis vu 35 Milliounen ass.

D'Chèques services: Do ass déiselwecht Äntwert. Do muss ee wierklech am Detail kucken, wivill Stonnen ee mécht, wat fir Leeschtungen ee mat enger bestëmmter Stonnenzuel kann hunn, wat fir Leit dass an de Genoss dovou kommen. Mengem Verständnis no soll dat jiddferree sinn, an da kommen Ofstufungen no. Dat musse mer also alles nach gesinn. Dat hänkt vun de budgetäre Méiglechkeeten of.

Ech widderhuelen:

- 46 Milliounen: Arbeitnehmerfreibetrag an e Steierkredit;

- 33 Milliounen: Rentnerfreibetrag an e Steierkredit ëmgewandelt;

- Abatement monoparental ëmgewandelt: ronderëm 18 Milliounen;

- Tarif 6%: 228 Milliounen;

- wann een d'Kierperschaftssteier géif 1% erofsetzen, dat hätt ee Käschtepunkt vu 85 Milliounen;

- wann ee se 4% erofsetzt, hätt dat e Käsch-tepunkt vun 340 Milliounen.

Do hu mer gesot, dass mer dat jo an e puer Etappe maachen. E puer sinn der méi wéi zwou. A mir hu gesot, dass dat unter maß-geblicher Berücksichtigung vun de Méig-lechkeeten zur Ausweidung vun der Base d'assiette geschitt.

Bref, 100 Milliounen sti fest. Derbäi kommen 228 Milliounen Tarifadaptatioun. An de Rescht kënnt nach derbäi.

Dat wollt ech just nach soen, well ech dem Här Bausch dankbar si fir déi Zousazfro. Ech hunn an dëser Debatt iwwregens och nëmmen deene geäntwert, déi d'Regierung kritiséiert hunn, net mengen zwee Frak-tionschefen, dem Här Ben Fayot an dem Här Michel Wolter an där Reiefolleg, déi hei gutt Wieder fir d'Regierung fonnt hunn. Si waren dës *Kéier* besonnesch gutt.

(*Hilarité*)

» **Une voix**.-Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Statsmi-nister. Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

» **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech weess net a wat fir engem Kader dass mer sinn, well mer e bëssen an enger *Après-Debatt* vun enger Debatt sinn. Ech hätt just gäre fir d'Footnuten, dass net Saachen zitéiert ginn, déi ni gesot gi sinn.

Den Här Bausch huet den Här Braz zitéiert, wéi en iwwer meng *Interventioun* vu virun e puer Wochen hei an der Chamber geschwat huet an en huet mech zitéiert.

An der Madame Flesch wëll ech soen, dass ech domadder d'accord sinn, dass een net soll driwwer streiden. Mä et muss een awer kënnen an engem ganz rouege *Gespréich* - an dat hu mer gemaach an deene leschte Wochen a Méint - feststellen, dass, wann ee gären d'Nationalitéit hätt, dass een déi Na-tionalitéit gären hätt, dass een d'Sprooch vun deem Land versteet an dass een déi och kann artikuléieren.

Contrairement zu deem, wat gemengt gétt, sinn déi Niveauen, déi hei zrëckbehale gi sinn an der *Proposition* vun der Regierung, keng *Universitairesniveauen*, mä et sinn der op engem *Ranking* vun 1 bis 6, wat d'Sprooch ubelaangt, déi zweet vun ënnen, a wat d'Veständnis ubelaangt, déi drëtt vun ënnen. Bei där drëtter vun ënnen ass et dat wat gemengerhand ënnert dem Verständnis vun der Sprooch verstane gétt als Basis a bei der Sprooch ass et nach manner.

Et ass also absolutement net esou, an ech wollt dat all deene soen, déi dat gemengt hunn, dass hei d'Konditiounen total egal wat fir enger wären, mä et geet drëm, dass, wann een d'Nationalitéit vun engem Land huet, een d'Sprooch vun deem Land ver-steet, an engem normale *Gespréich* kann dorobber äntwerten, ee versteet wat d'Ré-plique vum *Intervenant* op där anerer Säit ass. Ech hunn - nozeliese souwuel a men-ger Ried vu gëschter wéi och an där Ried vu virun e puer Wochen - gesot, dass et eis net drëm geet, dass ee Romaner oder aner Fasciculë muss schreiwen.

Et muss een allerdéngs just wëssen, Ma-dame Flesch, dass dat, wat Dir bis elo ge-frot hutt, nämlech den Niveau A1 an deenen zwou, d'Basis ass. Dat ass ongeféier de Wortschatz vun 100 Wieder an enger Sprooch. Ob dat duergeet, fir eng Sprooch kënnen normal ze schwätzen, fir en nor-maalt *Gespréich* kënnen ze féieren, fir sech kënnen normal mat engem ze ënnerhalen an och dat ze verstoen, wat deen op där anerer Säit zu engem seet, dat bezweifele mir. An dat bezweifele mir net eleng. Dat bezweifelen all *Linguistiker*, mat deene mer eis an de leschte Méint iwwert déi dote Fro ausenanergesat hunn.

Ech äntwerten lech also, Madame Flesch, wéi ech dat gëschter gemaach hunn a virun e puer Wochen, op engem net polem-eschen Toun. Ech äntwerten lech just mat der *Détermination*, dass, wann een eng *Natio-nalitéit* wëllt hunn, et *Mindestkritäre* gétt, zu deenen et, niewent der Sprooch am *Integra-tionsfacteur*, wéi ech gëschter gesot hunn, vill aner *Elementer* gétt, mä de *Kritär* vun der Sprooch ass ee vun deene wesentle-chen *Elementer* op déi ee muss agoen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu der Ofstëmmung vun deenen zwou Mo-tiounen, déi abruecht gi sinn. Fir d'éischt d'Motioun 1, déi den honorabelen Här Meisch déposéiert huet.

(*Interruption*)

Den Här Statsminister huet d'Wuert.

Motion 1

» **M. Jean-Claude Juncker**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, mat dem Accord vun der *Familljeministes*ch, der Madame Jacobs, wollt ech soen, dass déi éischt *Motioun*, déi den Här Meisch abruecht huet, awer berechtegt schéngt ze sinn, dass een, ier ee sech op dee grouse Sprong do mécht, deen ugedeit ginn ass, sech awer mat enger *Rei* vun *Donnéeën* a vun *Zuele* konfrontéiert gesäit, déi engem d'Urteilsfindung erliichter. Duerfir géife mer déi *Motioun* unhuelen.

» **M. le Président**.- Merci, Här Statsmi-nister. Ënnert deene *Konditiounen* denken ech, dass mer par main levée kënnen of-stëmmen.

Vote

Wie mat der *Motioun 1* d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dass dat d'Unanimitéit ass. Do-mat ass déi ugeholl.

Motion 2

Dann d'Motioun vum Här Gibéryen, wou de Statsminister gesot huet, dass d'Regierung déi net géif unhuelen. Ass de *Vote électro-nique* verlaangt?

(*Assentiment*)

Da stëmme mer elektronesch of.

Vote

D'Motioun 2 vum Här Gibéryen ass ofge-lehnt mat 48 Nee-Stëmmen, bei 5 Jo-Stëm-men a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sun-nen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Ro-main Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helmingier, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, Fran-çois Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eise *Ordre du jour*, dat ass d'*Proposition de loi* iwwert d'*Modifi-catioun* vun der *Loi électorale*. Den honora-belen Här Paul-Henri Meyers huet d'Wuert als *Rapporteur*.

(*Interruptions*)

Ech hunn hei stoen, d'Madame Flesch, den Här Bodry an den Här Henckes.

Den Här Meyers huet elo d'Wuert.



2. 5803 - Proposition de loi portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Rapport de la Commission des Institu-tions et de la Révision constitutionnelle

» **M. Paul-Henri Meyers** (CSV), *rap-porteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'*Gesetzesproposition* 5803 ass de 14. November 2007 an der Chamber depo-néiert ginn. De *Conseil d'État* huet säin *Avis* den 8. Abrëll ginn an de 6. Mee huet d'Kom-missioun unanimement de *Rapport* vum *Rapporteur* ugeholl.

De *Gesetzesvorschlag* huet als *Zil*, d'*Wahl-gesetz* ofzeänneren am *Hibléck* op d'Euro-pawahlen. Déi nei *Texter*, déi am *Averständ-nis* vun alle *Parteie* rédigiéiert si ginn, gesinn zwou *Neierunge* vir: Éischtens, d'Zuel vun de *Kandidate* pro *Lëscht* fir d'Europawahlen gétt vun zwielef op sechs erofgesat, an zweetens, de *Wieler*, deen iwwer sechs *Stëmme* verfügt, kann an *Zukunft* engem *Kandidat* zwou *Stëmme* ginn, an net nëm-men eng *Stëmm* wéi bis elo.

D'Erofsetze vun de *Kandidate* pro *Wahl-lëscht* soll derzou bäidroen, datt an *Zukunft* déi *Kandidaten*, déi bei den *Europawahle* gewielt goufen, hiert *Mandat* och effektiv un-huelen.

Déi éischt Zuel vu *Kandidate* pro *Lëscht* huet an der *Vergaangenheet* derzou bäige-droen, datt d'*Parteien* déi *Kandidaten* op d'*Wahl*lëscht gesat hunn, vun deenen och ze erwaarde war, datt se hirer *Partei* méi-glechst vill *Stëmme* géife bréngen.

Dat war legitim, allerdéngs hunn déi éischt-gewielte *Kandidaten* hiert *Mandat* méi ewéi eng *Kéier* net ugeholl.

Beim *Wieler* sinn d'*Entscheidung*en, déi do geholl gi sinn, net gutt ukomm. Dat ass dat *Mannst*, wat ee ka soen. D'*Kritik* un der *Aart* a *Weis*, wéi déi *Lëtzebuerger Verrieder* am *Europaparlament* bestëmmt si ginn, war do-fir net ze iwwerhéieren.

An dofir waren och all d'*Parteien* der Mee-nung, et misst een d'*Wahlgesetz* am Hi-bléck op d'Europawahlen ofänneren.

Duerch d'Erofsetze vun der Zuel vun de *Kandidate* gétt et fir déi gewielte *Verrieder* méi schwéier, op hiert *Mandat* ze verzich-ten, obschonn den *Text* dëse *Verzicht* net ausschléisst.

Et hätt een, an dat waren zwou *Proposition*-nen, déi an der *Diskussioun* waren, zousätz-lech zwou aner *Moosname* misse virge-sinn, an zwar éischtens de *Verbuet* vun den *Doppelkandidaturen* op der *Lëscht* vun den *Europawahlen* an op der *Wahl*lëscht vun der *Chamber*, wann déi zwou *Wahle* gläichzäi-teg stattfannen, an zweetens de festen En-gagement vun de *Kandidaten*, hiert *Mandat* effektiv unzehuelen, wa se gewielt ginn.

Déi zwou *Proposition*en, déi an der *Diskus-sioun* waren, hunn allerdéngs keng *Unani-mitéit* bei de *Parteie* gemaach. Mä an deenen zwou *Froe* bleiwen awer d'*Parteie* ge-fuerdert, an de *Statsrot* huet richteg be-mierkt: «Encore faut-il que les candidats et les partis politiques acceptent de „jouer le jeu“.»

Virun de *Wahle* vum 7. Juni 2009 mussen dofir d'*Parteien* an d'*Kandidate* mat engem *kloren Engagement* virun de *Wieler* trieden.

Wéi am Joer 1979 dat éischt *Gesetz* iwwert d'*Direktwahl* vun dem *Europaparlament* gestëmmt ginn ass, waren d'*Deputéierten* der *Meenung*, et sollt ee fir all *Wahl*lëscht bis zu zwielef *Kandidaten* zouloossen, ob-schonns nëmme sechs *Deputéierten* ze wiele waren. Déi *Léisung* war deemools pro-poséiert ginn, fir ze verhënnern, datt et zu *Komplementarwahl* géif kommen, fir also och ze garantéieren, datt ëmmer genuch *Er-satzkandidaten* do wären.

Et huet sech awer erausgestallt, datt déi do *Léisung* an der *Praxis* zu anerem *Effetë* ge-fouert huet, wéi et deemools gemengt war. Allerdéngs kann elo duerch d'Erofsetze vun

de Kandidaten op sechs pro Wahlëlscht eng Lëscht méi séier erschöpft sinn.

An duerfir huet de Statsrot d'Fro gestallt, wéi eventuell Komplementarwahlen géifen organiséiert ginn, well den Artikel 326 vum Wahlgesetz doriwwer kee klaren Opschluss gëtt. D'Verfassungskommissioun huet och dofir un de Chamberspresident e Bréif geschriwwen, fir d'Regierung drop opmierksam ze maachen, dass hei e Problem wär, an dass een dee Problem an enger Zäit, et géif ee soen „in tempore non suspecto“, géif enger Léisung zouféieren.

Duerch déi zweet Ännerung, déi et all Wieler erlaabt, engem Kandidat zwou Stëmme ze ginn, soll an Zukunft d'Wahlgesetz, wat d'Europawahlen ugeet, alignéiert ginn op d'Wahlgesetz fir d'Chamber hei am Land. Et gëtt och dee Moment dem Wieler d'Méiglechkeet, méi kloer seng Meenung en faveur vun engem Kandidat auszudrécken, an et schiele sech do vläicht méi liicht déi Kandidaten eraus, déi de Wieler effektiv wëllt op Stroossbuerg schécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsrot war mat den Ännerungen, esou wéi se virgeschloe sinn, d'accord. Hien huet just proposéiert, dass déi Ännerungen an dem ofgeännerte Wahlgesetz vum 2003 missten ageschriwwen ginn an net méi am Wahlgesetz vum 1979. D'Verfassungskommissioun war selbstverständlech mat där Proposition vum Statsrot d'accord, dofir kann ech och hei proposéieren, dass d'Chamber den Text, deen unanimement vun alle Parteien ugeholl ginn ass, an där Form soll stëmme, wéi d'Verfassungskommissioun dat virgesinn huet.

Ech kann och hei scho soen, dass d'CSV deen Text an där doter Form wäert stëmmen.

Merci, Här President.

» **M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo d'Madame Colette Flesch.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Merci, Här President, a Merci och dem Rapporteur, dee wéi gewinnt ganz kloer de Problem ëm rass huet a gesot huet, wisou et zu där Proposition de loi kouw, déi elo virun ons läit, a wat déi divers Elementer sinn, déi vum Auteur vun der Proposition de loi, vun der Kommissioun a vun der Regierung an d'Iwwerleeung komm sinn, fir zu deem Resultat ze kommen, wat mer elo hei virleien hunn.

(**M. Jos Scheuer prend la Présidence**)

Et ass en Deelresultat. Au départ hat ee sech vläicht erwaart, dass ee kënt e bësse méi ambitiéis sinn. Mir ginn elo hin a bréngen d'Zuel vun de Kandidaten, déi op enger Lëscht erschéngen, vun zwielef op sechs erof, a ginn dem Wieler d'Méiglechkeet, jiddferengem Kandidat zwou Stëmme ze ginn, dat heescht esou ze verfuehren, wéi mer gewinnt si bei onser legislativ Wahlen ze handelen.

Et war ee Moment och eng drëtt Measure an der Diskussioun, an dat war, dass ee sollt e Moyer fannen, fir eng duebel Kandidatur ze évitieren doduerch, dass ee se géing verbidden, an do hu mer awer alleguerte gesot, dass een dat net kann. D'Wahlrecht ass en elementaart Recht vun de Bierger. Et kann een also net soen an engem Gesetz, dass ee keng duebel Kandidatur dierf stellen.

Déi aner Iwwerleeung war ze soen, loosse mer e Gentleman's Agreement tëschent de Parteien maachen. Dat ass och du fale gelooss ginn, well effektiv huet e Gentleman's Agreement tëschent de Parteien net seng Plaz an engem Gesetz. Dat ass eppes, wat mer ähnlech beim duebele Mandat gemaach hunn, do hu mer dat jo am Fong esou gemaach. An dat ass elo zur Regel ginn an ass elo kee Problem méi. Bon, déi drëtt Measure ass dann écartéiert ginn, well et ze vill schwierig war, do eng Formel ze fannen, déi effektiv an e Gesetz gepasst hätt.

Ech mengen, souwuel dat, wat de Conseil d'État seet, wéi och dat, wat mer doriwwer wëssen, wat d'Wieler emfannen iwwert déi Prozedur, weisen dorobber hin, dass ee soll versichen, d'Kandidaturen esou ze gestalten, dass déi Leit, déi sech enger Europawahl stellen, effektiv bereet sinn, an d'Europaparlament ze goen.

All d'Instanzen, den Auteur vun der Proposition de loi, de Conseil d'État, de Rapporteur soen ons, dass et wëschenswäert wier, dass d'politesch Parteien sech do nach géinge Gedanken maachen an dass souwuel d'Kandidate wéi och d'politesch Parteien an Zukunft an deem Zesummenhank bereet wieren, „de jouer le jeu“.

Ech hale fest, Här President, dass laut dem Regierungsprogramm vum 2004 d'Regie-

rung u sech keng Schwierigkeet hätt dierfen hunn, fir op e Wee ze goen, dee virgesinn hätt, dass déi national Wahlen net zum selwechten Zäitpunkt wéi d'Europawahlen stattfannen.

Wa mir esou eng Prozedur hätten, da wiere mir wahrscheinlech aus der Diskussioun vun der duebeler Kandidatur vill méi séier eraus. Ech wëll an deem Zesummenhank un d'Proposition de loi vun der Madame Lydie Polfer a vum Här Henri Grethen erënnere, déi den 11. März 1999 déposéiert ginn ass an déi drop erausgaangen ass ze soen, loosse mer déi zwou Wahlen vuneneen trennen, engersäits évitieren mir duebel Kandidaturen, an anerersäits gi mir och den Europawahlen en anere Stellwäert, well da gëtt an där Wahlcampagne vun Europa geschwat.

Mir wëssen alleguerte, dass, wa mir a Wahlen ginn, déi souwuel National- wéi Europawahlen sinn, déi national Problemer dann an der Diskussioun mat de Wieler d'Prioritéit hu par rapport zu de Problemer, déi vläicht um europäesche Plang unhängeg ginn.

Also, déi Proposition de loi vun der Madame Polfer a vum Här Grethen huet nach wie vor ons Präferenz. Mir hunn ons awer där Propositionen ralliiert, déi elo um Dësch ass, well mer mengen, et wier e Schrëtt an déi gutt Richtung, a well dat eng konsensfäeg Léisung war. Ech mengen, et soll een dann elo dat maachen, wat ka gemaach ginn, an da soll een duerno kucken, wat vläicht ka weider gemaach ginn.

De Rapporteur ass drop agaangen, dass d'öffentlech Meenung net frou ass iwwert d'Aart a Weis, wéi dat bei den Europawahlen normalerweis leeft. D'Parteien setzen alleguerte déi Kandidaten op d'Lëscht, déi dee gréisste Bekanntheetsgrad hunn a vun deenen ee weess, dass, wa si kënnen an d'Regierung kommen, si wahrscheinlech an d'Regierung ginn oder en anert Mandat unhuelen an net an d'Europaparlament ginn.

De Rapporteur, mat deem ech op der ganzer Linn d'accord sinn, huet awer e Saz geschriwwen, wou ech vläicht e bëssen eng Nuance wëll abréngen. De Rapporteur huet a sengem schrëftleche Rapport geschriwwen, qu'il croit pouvoir «constater que les appréhensions exprimées en 1979 par les auteurs du projet de loi 2163 précité, se résument dans le souci de voir épuiser une liste électorale avec le risque d'élections complémentaires, peuvent être écartées».

Wann ech d'Realitéit kucken, dann halen ech fest, dass 1999 ons gréng Kollegen de siwentgewielte Kandidat op hirer Lëscht an Europa geschéckt hunn. An dobäi war dat net, well aner Membere vun der grénger Lëscht an d'Regierung komm wieren, well si sinn net an d'Regierung komm, mä nach ware sechs Leit, déi gesot hunn, mir hunn ons gestallt, mä mir ginn net. Ech halen och fest, dass deeselwechte siwentgewielte Kandidat 2004 den éischtgewielte Kandidat war, an ech halen och perséinlech fest, dass en am Europaparlament e ganz gudde Match mécht.

» **Une voix**.- Très bien.

» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Dat Zweet, wat ech wëll an deem Zesummenhank soen, ass, wann een d'aktuell Situation kuckt vun der Partei, déi den Här Meyers vill besser kennt ewéi ech an déi dem Här Meyers vill méi no ass ewéi mir, da gesäit een, dass se um zéngte Kandidat sinn an dass se der just nach zwee hunn, déi géingen a Fro kommen, wann iergendengem géing eppes geschéien, wat ech net wënschen. Dat sinn d'Ursaachen, aus der Praxis eraus, woufir ech net ganz mat der Affirmatioun vum Rapporteur d'accord sinn.

» **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Do si mir besser, mir sinn emol nach net um Éischen.

(**Hilarité**)

» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Här President, vläicht nach e Wuert zu engem Problem, deen de Conseil d'État opgeworf huet. Deen huet higewisen op d'Problematik vun de Suppléanten, wann eng Lëscht épuiséiert ass, wat da misst geschéien, an huet gemengt, dass ee vläicht soll den Artikel 326 vum Wahlgesetz preziséieren op deem Punkt.

D'Verfassungskommissioun an dëser Chamber huet sech och mat där Fro beschäftegt a war sech à l'unanimité eens, dass mer eng Léisung misse fannen, déi et erméiglecht, dass mer - egal wat geschitt - ëmmer sechs Leit hunn, déi bereet sinn, déi mer kënnen designéieren, fir an d'Europarlament ze goen. Successiv Regierungen hu misse kämpfen an haart kämpfen, fir déi Sëtzzuel vu sechs fir Lëtzebuerg ze erhalen, an d'Zukunft gëtt wahrscheinlech net méi einfach, wéi d'Vergaangenheet war. Mir

dierfen ons et also net leeschten, dass mer op eemol an enger Situatioun wären, dass mer nëmme fënnf Memberen am Europaparlament hätten. Dat géif direkt géint ons gebraucht ginn.

Dofir, mengen ech, musse mer ons mat deem Problem vun de Suppléantë beschäftegen. D'Kommissioun, déi mat deem Projet virun d'Chamber wollt kommen, huet de Problem évoquéiert, mä huet gesot, mir mussen do awer nach kënnen driwwer diskutieren, fir ze kucken, wat déi beschte Léisung ass. Ech mengen, et wär elo un der Regierung, sech där Problematik unzuhuelen an ze kucken, wat fir e Projet se op den Dësch bréngen kann, fir den Artikel 326 ze komplettéieren, fir dass mer an Zukunft keng Problemer domadder hunn.

Eng lescht Bemierkung, Här President: Mir änneren elo eppes bei den Europawahlen. Net nëmme gi mir vun zwielef op sechs Kandidaten, mä d'Leit kënnen och elo bei all Kandidat zwou Stëmme zum Ausdrock bréngen. Ech mengen, et wär wichteg, dass d'Regierung do géing eng Informatiionscampagne maachen, fir dass d'Leit, wann se am Juni 2009 stëmme ginn, dann och wëssen, wat d'Regele vum Spill elo sinn.

Mir wëssen, dass et ëmmer bei den Europawahlen méi Votes blancs gëtt oder Voten, déi net gültig sinn, wéi bei de Chamberswahlen, well dat awer nach ëmmer fir vill Wieler eppes Neies ass. Mir änneren elo d'Regele vum Spill. Ech mengen, et wier wichteg, dass do géing eng seriö Campaigne gemaach ginn, fir dass am Virfeld vun den Europawahlen 2009 effektiv d'Wieler wierklech am Bild wären, wéi dat da soll an Zukunft goen.

Mat dëse Wieder, Här President, wëilt ech den Accord vun onser Fraktioun zu dëser Proposition de loi bestätegen.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Deen nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

» **M. Alex Bodry (LSAP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Wahlsystem fir d'Europawahlen ass um Punkt reforméiert ze ginn. De System vum 1979 gëtt dobäi net op d'Kopp gestallt. Dat ass vu villen net gewollt, dofir och net méiglech.

D'Proposition de loi, déi de Paul-Henri Meyers erabruecht huet, ass eigentlech d'Spigelbild vun de Gemeinsamkeeten, d'Spigelbild eigentlech vum klengste gemeinsamen Nenner, dee mer tëschent de Parteien an de Fraktiounen fonnt hunn, wat eng méiglech Korrektur vun eisem Wahlsystem fir d'Europawahlen ugeet.

D'Korrektur gëtt also virgeholl, fir esou eigentlech ze erreechen, dass d'Europawahlen e bëssen u Glawierdegkeet gewannen. Well een effektiv, wann een nëmmen déi zwou lescht Europawahlen kuckt, muss feststellen, dass nëmmen an Ausnahmefäll eigentlech déi jeeweileg Gewielte bei den Europawahlen och hiert Mandat ugetratt hunn.

Dat ass anescht bei den nationale Wahlen, wou et ausnahmsweis emol virkënn, dass ee säi Mandat net untrëtt, mä de Regelfall ass, dass déi national Gewielten och hir Mandater unhuelen.

Ech hunn eng kéier e bëssen zréckgekuckt a festgestallt, dass, wann een déi Wahlen vum 2004 kuckt, bei der DP an deene Gréngen deemools déi Éischtgewielten ugetratt sinn, bei der LSAP war et deen Zweetgewielten, bei der CSV waren et de Fënneft-, de Siwent- a souguer den Zéngtgewielten, dee schlussendlech d'Mandat ugetratt huet.

1999 waren et bei der LSAP den Zweet- an den Drëttgewielten, bei der DP den Drëttgewielten, bei deene Gréngen de Siwentgewielten a bei der CSV den Zweet- an de Fënneftgewielten, déi schlussendlech d'Mandater ugetratt hunn.

Et gesäit een also, dass dat vu Parteien Partei variéiert, mä dass een awer am Regelfall muss feststellen, dass nëmmen an Ausnahmefall eigentlech déi direkt Gewielten och d'Europamandat ugetratt hunn.

Mir sinn awer der Meenung, dass an d'Europaparlament Leit gehéieren, déi entschloss sinn, hiert Mandat voll auszeüben, Leit, déi och déi néideg Kompetenzen matbréngen, fir dat Europamandat gutt kënnen auszuféieren. Dat ass eng Suerg, déi de Ben Fayot och schonn an engem Gesetzesvorschlag vum Joer 2000 eigentlech gedriwwen huet, fir méi eng radikal Ofännerung vun eisem Wahlsystem ze froen, andeem e wollt de Parteien méi Rechter bei der Opstellung vun de Lëschten zouerkennen, de Pannache ausschléissen, allerdéngs de System vu de blockéierte Lëschten oplockeren duerch e Präferenzstëmmsystem, ähnlech wéi en och an der Belsch funktionéiert.

Esou e Vorschlag ass momentan net majoritéitsfäeg. Dach mengen ech, dass mer, deemno wéi d'Entwécklung ass, och fir esou Froen an Zukunft weider musse bereet sinn, ze diskutieren.

De Gesetzesvorschlag vum Här Meyers geet net esou wäit. Den Haaptzweck ass d'Reduzierung vun der Kandidatenzuel op sechs, wat iwwerens och e Punkt aus dem Regierungsprogramm vum 2004 vun dëser Regierung ass.

Mir hunn och dorunner gekoppelt - et huet sech eigentlech aus den Diskussiounen erginn, dass dat dann och géif Sënn maachen -, fir en totalen Alignement ze maache vum Wahlsystem vun den Europawahlen op deen, dee mer bei de Chamberswahlen respektiv bei de Gemengerotwahlen an de Proporzgemengen hunn. Dat heescht, dass d'Leit och kënnen bis zu zwou Stëmme pro Kandidat ginn.

An Zukunft wäert et och esou sinn, dass deejéinegen, deen de Krees schwärzt oder ukräizt iwwert der Lëscht vun enger Partei, automatesch domadder och all Kandidaten eng Stëmm gëtt. Dat wäert zur Folleg hunn, dass mer wahrscheinlech méi héich Totaler bei de Kandidatestëmme wäerten hunn, wéi dat bis elo de Fall ass, gekoppelt wéi gesot och nach duerch de Fait, dass een engem Kandidat bis zu zwou Stëmme ka ginn.

Ech mengen, et kann ee sech eigentlech nëmme fir esou eng Vereenheetlechung vun eisem Wahlrecht fir sämtlech Wahlen ausschätzen. Dat Zil gëtt heimadder erreecht.

Et ass d'Fro opgeworf ginn, och vum Conseil d'État a sengem Avis, iwwert d'Komplementarwahlen. Ech hu mer dat nach eng kéier alles genau ugekuckt. Ech mengen, dass eigentlech den Text fir d'Europawahlen - do gëtt et jo en Text am Géigesaz zu de Chamberswahlen - awer relativ kloer ass.

Ech mengen, wann ee vu Komplementarwahlen schwätzt, da muss all Mënsch sech kënnen zur Wahl stellen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e System, wou jiddfer sech kann zu Wahlen stellen. Mir kënnen eigentlech keen anere System, an duerfir mengen ech, dass déi Komplementarwahlen, wa mer d'Texten esou loosse, wéi se sinn, eigentlech bedeuten, dass dann u sech jiddfer sech fir deen ee Sätz - normalerweis dierft dat jo nëmmen ee Sätz sinn, ausser et kënnt zu enger Epidemie bei de Gewielten am Europaparlament - ka mellen, fir deen ze besetzen, wou dann och de Wieler da fräi ass, fir doriwwer ofzestëmme.

Eng aner Interpretatioun géif dozou féieren, dass nëmmen eng Kandidatur praktesch géif virleien. A wien ass da gewielt? D'Wieler dann ze ruffen, mengen ech, géif net ganz vill Sënn maachen. Duerfir mengen ech, dass deen doten Text vu Komplementarwahlen jo kloer ass an dass een dee vläicht net muss ëmänneren.

Et ass allerdéngs net normal, dass mer fir d'Chamberswahl keng esou Bestëmmung hunn, well mer zumindest jo an engem Bezirk siwe Gewielten hunn, wou eng ähnlech Situatioun kéint komme wéi mat sechs, de Risiko also ähnlech verdeelt ass. Mä och do muss ee soen, dass, souwäit ech weess, an eiser Geschicht an deene leschte Jorzéngte sech ni de Problem gestallt huet vu Komplementarwahlen bei de Chamberswahlen, och net an eisem klengsten Wahlbezirk, dee laang Zäit sechs Gewielten erëmmer hat. Bei der leschter Reform ass dat op siwen eropgesat ginn. Esou dass also de Risiko, dass sech d'Fro vu Komplementarwahlen och bei den Europawahlen stellen, relativ kleng ass, mä natierlech net zu honnert Prozent kann ausgeschloss ginn.

Mir haten iwwerens eng kéier hei zu Lëtzebuerg eng ganz speziell Situatioun. Dat hat zwar näischt direkt mat Erschöpfung vun de Kandidatelëschten ze dinn, mä 1934 ass dem Zénon Bernard säi Mandat oferkannt ginn duerch d'Décioun vun de Chamber, an an der Begeeschterung vun der deemoleger Majoritéit hunn och nach all d'Gewielte vun der KPL och d'Mandat oferkannt kritt.

Do huet sech d'Fro gestallt, wat mat deem Mandat geschitt, wat net besat war an der deemoleger Chamber. Op eemol ass duerch d'Décioun vun der Chamber dat

Mandat der Aarbechterpartei, déi zwar géint deem Ausschluss do war, zouerkannt ginn opgrond vun der Reschtsëtzverdee- lung. Also, mir haten eng Kéier hei zu Lëtze- buerg e ganz spezielle Fall, deen net hon- nertprozenteg an dat heite Schema era- passt, mä wou awer sengerzäit net de Wee gaang ginn ass, fir Komplementarwahlen ze organiséieren, mä wou gesot ginn ass, da gëtt eben där Partei, där den nächste Sëtz zougestane hätt, dat Mandat zougesprach doduerjer, dass deen heite Sëtz net besat ass. - À méditer, ob dat eng méiglech Léi- sung ass, déi een och dann an eis Legisla- tion kënn eranhuelen. Ech hunn awer éischter Bedenken, dass dat déi besch- méiglech Léisung ass.

Hei maache mer e wichtige Schratt, dee schonn zu enger Moraliséierung an zu méi Disziplin ka féiere beim Opstelle vun de Lë- schte bei den Europawahlen am Respekt och virum Wëlle vum Wieler. Och wann een ëmmer erëm muss feststellen, dass et an der Vergaangenheet virkomm ass, dass déi Leit, déi hiert Mandat dann net ugetratt hunn - wou ee ka soen, de Wieler ass schonn eng Kéier ugeschmiert ginn -, bei den nächste Wahlen awer erëm eng Kéier vum Wieler gewielt si ginn. Och dat ass eng Feststellung, déi een einfach kann an deem Zesummenhang maachen.

Et bleift awer, dass sech d'Parteien sollte weider ënnerhalen iwwert déi Fro vun Due- belkandidaturen oder zumindest iwwert den Engagement vun deenen eenzelne Kandi- daten op de Lëschten, fir d'Mandat am Eu- ropaparlament unzutrieden, wa se dann an dat Europaparlament gewielt ginn. Dat ass eng Fro, déi an eisen Aen net kann a Geset- zestexter a scho guer net an d'Verfassung ageschriwwen ginn, mä déi héchstens kë- nen Objet vun engem politeschen Accord tëschent deenen eenzelne Parteien duer- stellen.

Dat gesot, bréngen ech och selbstverständ- lech den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Proposition de loi, ouni ze vergiessen dem Här Meyers en ausdréckleche Merci ze soe fir seng Aarbecht an deem heiten Dos- sier.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bodry. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Félix Braz.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Mir kréie jo muer de Mëtteg am Kader vun der Debatt iwwert den Traité vu Lissabon méi ausféierlech d'Geleeën- heet, fir op dat anzugeen, wat vum Traité constitutionnel a vun der Debatt ronderëm den Traité constitutionnel Rescht bliwwen ass...

» **Une voix.** - Alles.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - ...sou- wuel am Text wéi och ronderëm dat, wat vun den eenzelne Parteien a Fraktiounen am Kader vun der Diskussioun vum Traité constitutionnel gesot ginn ass.

An zu deem Punkt do si mir der Meenung als gréng Fraktioun, dass net alles Rescht bliwwen ass vun deem, wat d'Partei gesot hunn. Deemools hunn all d'Fraktiounen an all d'Partei sech ënnert dem Androck vun der Campagne, ënnert dem Androck deel- weis vun der Vehemenz vun der Campagne, déi net vu jiddferengem esou erwaart gi war, och deelweis ënnert dem Androck vum Re- sultat, dat vläicht fir Verschiddener net esou héich positiv ausgefall war, wéi ee sech dat konnt erhoffen oder erwaarden, ënnert deem Androck, ënnert deenen Andréck hunn d'Parteien alleguerten insistéiert, dass ee misst Léieren doraus zéien. Léieren an der Aart a Weis, wéi mer d'Europapolitik zu Lëtzebuerg diskutéieren. Dat ass eng Saach, déi net nëmme mat de Lëschten ze dinn huet.

Zu enger besserer europapolitescher De- batt gehéiere vill Saachen. Fir mech per- séinlech gehéiert do ganz staark derzou, dass d'national Parlamenter sech an engem konstruktiven a proaktive Sënn wesentlech méi fréi abannen an europapolitesch Dis- kussiounen an Initiative vun der Kommis- sion. Dat ass ee ganz wichtige Punkt, deen d'Parlament direkt betrëfft.

Mä dozou gehéieren och nach aner Aspek- ter. A mir haten eis deemools alleguerten zu deenen Aspekter ausgeschwat. Dozou hat eng Debatt iwwert d'Opportunitéit vun der Trennung vun de Wahldatume gehéiert. Do- zou hat eng Debatt iwwert d'Zesummeset- zung vun de Lëschte gehéiert; d'Zuel vun de Kandidaten a Kandidatinnen. Dozou hat d'Fro vun den Duebelkandidature gehéiert.

Wat ee feststelle muss, dat ass, dass mer op all deene Punkten, ausser deenen, déi haut an der Proposition de loi zum Vote ge- stellt ginn, kee Konsens konnte fannen. Dat ass awer net ëmmer de Mérite oder d'Schold vun deeneselwechten.

Wa mer zum Beispill driwwer diskutéieren, dass d'Europa- an d'Landeswahlen sollten zäitlech getrennt sinn, waren d'DP an déi gréng Fraktioun fir dee Virschlag. Mir hunn dee Virschlag ënnerstëtzt.

» **Une voix.** - Mir och.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - D'Kol- leege vun der ADR bemierken, dass si dat och ënnerstëtzt hunn. Dat wär eiser Mee- nung no dee beschte Wee gewiescht, fir d'Europa- an d'Landeswahlen esou wäit ze trennen, wéi et Sënn mécht, an awer esou no beieneen ze loossen, wéi et och Sënn mécht.

Dat ass awer net gewollt gewiescht; net vun der LSAP an och net vun der CSV. Och d'CSV, déi op anere Punkten eng Positioun huet, déi mat eiser méi no beieneen ass, huet op deem dote Punkt hiren Accord net ginn. Wann et also net zu getrennte Wahlgäng kënn, wann et also net zu ge- trennte Campagnen an domadder och De- batten am Land kënn, da läit dat op där do- ter Fro un der CSV an un der LSAP, déi op dee Wee do net wollte goen.

Anescht verhält et sech mat der Debatt vun de getrennte Lëschten. Och doriwwer ass diskutéiert ginn. Dat kënn awer och net zustanen, well mer keng legal Basis fonnt hunn, wéi een dat hätt kënnen maachen. Et wier vläicht méiglech gewiescht, wann een zu méi dru gesicht hätt an zu méi probéiert hätt, eng Léisung ze fannen.

D'Madame Fleisch ass drop agaangen. Mä wa meng Erënnerunge gutt sinn, ass et op där Fro do awer esou, dass d'CSV an déi gréng Fraktioun wëlles hunn, mat getrennte Lëschten unzutrieden. Dat ass zumindest dat, wat ech iwwert d'Médië vun Aussoe vun der CSV matkritt hunn. Wat déi gréng Fraktioun an déi Gréng Partei betrëfft: Mir hunn eis op deem dote Punkt engagéiert a mir wäerten also bei de Wahlen de 7. Juni - deen Datum schéngt et jo fir béid Wahlen ze ginn - mat getrennte Lëschten untriede bei den Nationalwahlen a bei den Europawah- len.

D'Kolleege vun der LSAP an d'Kolleegeinnen an d'Kolleege vun der DP sinn op dem Dag vun haut net der Meenung, dass een op deen dote Wee soll goen. Mir sinn der Mee- nung, dass dat awer eng ganz wichtig Fro ass. A mir bedauern, dass et op där doter Fro net méiglech war, e Konsens ze fannen.

Den Här Bodry an d'Madame Fleisch hunn déi lescht Joren e bësse gekuckt, wéi déi Leit gewielt waren, déi op Stroossbuerg gaange sinn. Si hunn zum Beispill drop ver- wisen, dass bei eis de Claude Turmes déi éischte Kéier, wou hie Kandidat war, als Si- wentgewielten d'europäesch Mandat uge- holl huet. Mir hunn doraus geléiert. Zën- terhier ass den Här Turmes ëmmer Éischtge- wielten. Mir mengen och, dass dat nach eng Weilche mam Här Turmes esou ka sinn, well hie mécht - wéi d'Madame Fleisch et scho gesot huet - en exzellente Match zu Stroossbuerg an hie mécht net nëmmen där grénger Fraktioun, mä och dësem Parla- ment all Eier op déi Aart a Weis, wéi hien eis dohanne vertritt.

Fakt ass awer, dass de Gradmiesser, un deem mer déi heiten Debatt solle moossen, net déi vieregte Experienze sinn, mä d'Enga- gementer, déi mer am Juli 2005 agaange sinn nom Ofschloss vum Referendum. Et geet also net drëms, fir elo mam Fanger op dësen oder deen ze weisen, well dës Partei oder déi Partei elo während Jorzéngten ni déi Éischtgewielt op Stroossbuerg ge- schéckt huet. Dat ass net d'Diskussioun.

D'Diskussioun ass: Mir hunn eis um Owend vum 10. Juli 2005 an déi Deeg a Wochen duerno alleguerte Gedanke gemaach an de Leit Saachen an Aussicht gestallt, déi mat demokrateschen Iwwerleeungen ze dinn haten, déi mat inhaltlechen Iwwerleeungen ze dinn haten. Fir eis ass et no dräi Joer awer e bëssen eng Enttäuschung an eng Ver batterung, fir feststellen, dass vun all deenen Engagementer net esou vill Rescht bliwwen ass.

Dat, wat mer haut fäerdeg bréngen, ass ef- fektiv nëmmen dee minimale Konsens, deen doranner besteet, eng Ugläichung ze

maache vum Régime vun den Europawah- len un deen, dee mer kenne vun de Landes- a Gemengewahlen, wat d'Zuel vu Kandi- dature betrëfft a wat och d'Stëmme betrëfft, déi d'Wielerinnen an d'Wieler deenen een- zelne Kandidature kënnen ginn; nämlech dat Eropsetze vun eent op zwee.

Mir fannen dat schued. Et ass net dat, menge mir als gréng Fraktioun, wat d'Leit sech erwaart hunn. D'Leit hu sech no den Deklaratiounen, déi mer alleguerte ge- maach hunn den 19. Juli 2005, sécherlech méi erwaart, fir d'Opwäertung vun de Wah- len fir d'Europaparlament ze maachen. Dat geschitt elo net.

Et bleift fir eis als gréng Fraktioun a Partei d'Engagement, dass mir bei den nächste Wahle mat getrennte Lëschte wäerten un- trieden, dass also keng Kandidatur op zwou Lëschte wäert stoen an dass eis Spëtze- kandidatur fir d'Europaparlament dat Mandat och wäert unhuelen. Dorunner soll fir eis keen Zweifel bestoen.

Mir mengen och, dass dat déi Aussoe sinn, déi d'Leit vun all de Parteien a Fraktiounen wëllen héieren. Dat geschitt elo net. Mir müssen also am Gesetzestext haut mat en- gem minimale Konsens liewen. Mä d'Leit hu jo an eppes méi wéi engem Joer d'Méig- lechkeet, hir Meenung dozou ze äusseren.

Wichtig ass awer och nach, dass mir, wa mer déi Europawahlen ugin, och mat en- ger reduzéierter Zuel vu Kandidaturen - déi gi jo erof op sechs - awer nach drun den- ken, dass et spéitstens an zumindest bei den Europawahle wichtig ass, och Kandi- daturen aus aneren EU-Länner op de Lë- schten opzehuelen. Och dat ass eng wich- teg Fro, wou d'Parteien an d'Fraktiounen al- leguerte gefuerdert sinn.

Dat war mat zwielef Kandidaturen op der Lëscht an der Vergaangenheet vläicht méi einfach, wann een och un déi elektoral, wahltechnesch Aspekter denkt; d'Zuch- kraaft vun dësem oder deem Kandidat. Dat wäert mat enger reduzéierter Lëscht vläicht verschidde Parteie virun Interrogatiounen stellen.

Mä ech mengen awer, dass et och do eng Erwaardungshaltung vun de Leit gëtt, dass déi Lëschten, déi d'nächst Joer wäerte pre- sentéiert sinn, awer och probéieren, der Ze- summesetzung vun der Lëtzebuurger Popu- lation an der Zesummesetzung vum Corps électoral bei den Europawahle Rechnung ze droen. Sou dass also d'Parteien och mat enger reduzéierter Zuel vu Plazen op de Lë- schten Efforté mussen maachen, fir och Unionsbürger aus engem anere Land wéi Lëtzebuerg op där Lëscht figuréieren ze hunn.

Zwou aner Verbesserungse si jo ënnerwee. De Minister Halsdorf ass jo mat deene Saa- chen do chargéiert, déi och fir eis net onwe- sentlech sinn - au contraire, dat si wichtig Aspekter -, nämlech d'Verkierzung vum Dé- lai d'inscription op d'Wielerlëschten op deen 13. Freideg virum Wahlgang; wat eng dättelech Verkierzung ass an eigentlech eng laang iwwerfällg Moderniséierung, fir sech dem Stand vun der Zäit unzepassen. Dat wäert d'Campagne, fir d'Leit ze motivéieren sech anzeschreiwen, dättelech erliichteren, ouni dass dat e Wonnerméttel wier, mä et wäert mat Sécherheet méi si wéi nëmmen en Detail. An och den Aspekt, dass mer eis uschécken, den Délai de résidence ze ver- kierzen, deen d'Leit zu Lëtzebuerg müssen hunn, hale mir och fir positiv an dëser Dis- kussioun. An dat weist och, dass et méig- lech ass, och mat der CSV Délaien ze ver- kierzen an net nëmmen an aneren ähnlech gelagerten Diskussiounen den Délai ze verlängeren.

Mat deene Remarquë bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu der Proposition de loi vum Här Meyers, deem ech an eisem Numm en duebele Merci wëll soen, Merci dofir, d'Initiative vun der Proposition de loi geholl ze hunn, an och Merci, dass en als President a Rap- porteur eis d'Freed gemaach huet, e Rapport ze schreiwen. Mat deem duebele Merci, wéi gesot, bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert relativ kuerz sinn a fir d'éischt dem President a Rapporteur, dem Här Paul- Henri Meyers, Merci soen, well hien huet a sengem schrëftlechen a mëndleche Bericht all Problematiken an Aspekter duerge- luecht, déi sech bei dësem Gesetz stellen.

Ech wëll drun erënneren, dass den Här Ben Fayot viru Joren och schonn eng Kéier esou

eng ähnlech Iddi hei an der Chamber vir- bruecht hat an datt d'ADR och deemools de Prinzip selwer guttgeheesch huet, datt ee misst vun zwielef Kandidaten op sechs Kan- didaten zrëckgoen. Doduerjer datt een op sechs Kandidaten zrëckgeet, ass et ganz evident, datt déi Abusen, déi een elo fest- gestallt huet, domadder schonn naturbe- déngt ophalen.

Déi zweet Neierung, déi virgesinn ass, ass, datt mer bei de Chamberswahlen a bei den Europawahlen deeselwechte Wahlmodus hunn. Dat heescht, datt een entweder d'Lëscht ka schwärzen oder panachéiere mat zwou Stëmmen. Ech mengen, dat ass och dobausse fir den Electeur méi einfach ze verstoen, wann et deeselwechte Wahl- modus ass. Well et gesäit een un de Bulle- tins nuls, datt eng etlech waren, déi dee System do net richtig matkritt haten. Dofir ass et scho wichtig, datt mer elo deesel- wechte Régime anhalen. Fir de Rescht men- gen ech, muss een d'Partei gewäerde loossen an déi hir Responsabilitéiten huele loossen. Ech mengen, méi war jo och net an dësem Gesetzesprojet zrëckzebehalen.

Et wäert elo sinn, datt deen anere Punkt, deen awer misst diskutéiert a souguer men- ger Meenung no an dëser Legislatur muss legislativ ugepaakt ginn, dat ass, datt mer eng Trennung vu weinstens engem Mount tëschent de Chamberswahlen an den Euro- pawahle virhuelen, fir datt mer kënnen eng effektiv Debatt iwwert d'Europapolitik féie- ren.

Dofir misst d'Mandat vun der nächster Le- gislatur véier Joer an eelef Méint bedeite maximal, wann net e Regierungswiessel kënn, mä datt een op jiddfer Fall festhält, datt d'Chamberswahlen ee Mount virdru missten ofgehal sinn.

Well et ass net gutt, datt déi zwou Wahlen hei matenaner verbonne ginn. Well et ass jo evident, datt beim Wieler d'Haut méi no ass wéi d'Hiem an datt also an éischter Phas déi national Wahlen d'Prioritéit hunn, datt déi Themen diskutéiert ginn an datt déi europo- politesch Themen en zweete Rang kréien.

Wat net gutt ass, well ee weess, datt awer eng 80% vun der Législatioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, awer en europäeschen Ursprung huet. An duerfir ass et scho wich- teg, datt mer déi zwou Wahlen trennen an datt een deen Ablack och mat dem Wieler kann iwwert déi eenzel Sujeten, déi sech an der Europapolitik stellen, debattéieren.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Hen- ckies. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Ech bedauern och, dass mer et elo net fäerdeg konnte brén- gen, getrennte Wahlen ze maachen, wat zimlech all Problemer geléist hätt, déi zur Diskussioun stoungen. Och d'Diskussiounen iwwer getrennte Lëschte konnten ier- gendwéi net ausgefouert ginn. Wou ech awer meng Bedenken hunn, dat ass, wann hei gesot gëtt, d'Partei kéinte sech jo eens ginn, fir dass dann deen, deen op der Lëscht ass, dann och d'Mandat misst un- huelen. Ech mengen, dat ass verfassung- srechtlech jo net méiglech an och net ver- trietbar, well eben och an deene Gesetzer d'Méiglecheet besteet, ebe fir d'Kandi- datur net unzehuelen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat mer awer hei iergendwéi müssen emol mat op de Wee ginn, wat d'Europaparla- ment ubelaangt, dat ass d'Meenung vun de Leit dobaussen, wéi wann et sech do géif ëm e Fleegeheim fir ausgedéngte Politiker handelen. Mat Momenter gesäit dat och esou aus bei verschidde Parteien. Dat heescht, bei verschidde Parteien ass nach ni een d'Trap erofgefall, mä d'Trap erop, an heiansdo sinn der souguer esou wäit gefall bis op Stroossbuerg an do gutt ukomm.

(Brouhaha et hilarité)

Dofir schéngt et mer, dass am Fong d'Euro- paparlament awer och kee Poste de com- plaisance fir ausgedéngte Politiker soll sinn, mä effektiv fir Leit soll sinn, déi och wierk- lech derzou befäegt sinn, fir esou en Job unzehuelen.

Wat déi Geschicht mat de sechs Kandi- daten an zwou Stëmme pro Kandidat...

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Minis- tre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech fan- nen et net an der Rei, wéi Dir déi eeler Leit offäerdeg. Dat do ass awer e bësse kontra- diktoresch!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Wat dann?

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Eng Kéier sinn déi eeler Leit fir näischt méi ze gebrauchen, dann op eemol musse se awer hei oder do gemaach kréien...

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Ech hunn net gesot, déi wäre fir näischt méi ze gebrauchen.

» **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Wann Der awer sot, ob déi dann nach capabel sinn, dat ass awer net...

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Neen, neen, ech hu just gesot, si wiere positiv recycléiert ginn.

(*Brouhaha et hilarité*)

Ma neen, ech hunn hei gesot, wat d'Mee-nung vun de Leit dobaussen ass, an ech kann lech och soen, dass ech deelweis déi Meenung och deelen.

Mä ech wëll just awer eent soen, dass dat do mech arrangéiert mat de sechs Kandidaten an zwou Stëmmen, well no mengem Popularitéitsgrad an der leschter Zäit an de Sondagen hunn ech da gutt Chancen, fir meng Wallis geschwé kënnen ze pake fir op Stroossbuerg!

(*Hilarité*)

» **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun der Debatt ukomm an elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Här President, ech soen lech Merci, dass Der der Regierung d'Méiglechkeet gitt, fir zu dëser Initiativ vun der Chamber, dëser Proposition de loi vum Paul-Henri Meyers, dann an engem gewësse Sënn den Accord ze bréngen oder ze soen, dass d'Regierung sech deem Schrëtt, deem hei d'Chamber geholl huet, fir am Beräich vum Wahlgesetz Neel mat Käpp ze maachen, am Fong geholl associéiert.

Et ass richteg, dass dës Initiativ zrëckze-féieren ass op, géif ech soen, de Regie-rungsprogramm vun där heiter Koalitioun, wou drastoung, dass déi politesch Partee sech sollten zesummesetzen an eng Aart Bilan maachen, eng Evaluatioun maachen, wéi d'Europawahlen hei zu Lëtzebuerg gef-laf sinn, a fir déi Experienzen afléissen ze loossen an dann ze versichen, en Accord politique ze fannen.

Deen Accord politique ass fonnt ginn an, wéi den Alex Bodry och gesot huet, ass et éischter e minimalisteschen, mä en ass awer do an en ass gutt, well en orientéiert sech un Elementer aus der Lëtzebuerger Politik, déi novollzéibar sinn an déi am Fong geholl weisen, op där enger Säit, dass d'Wahlverhale respektéiert gëtt vun deem eenzelne Wieler, et gëtt besser respektéiert mat dëser Proposition de loi. Un där geliefte Realitéit gëtt sech am Fong geholl orien-téiert, an d'Mandat gëtt op déi Aart a Weis valoriséiert.

Et muss een zwar feststellen, dass, wann deem eenzelne Gewieltene säi Mandat net unhëlt, keng Sanktiounen virgesi sinn. Mä d'Stoussrichtung vun deem Ganzen ass richteg, an och de Projet de loi, deem elo um Instanzewee ass an deemnächst och hei an der Chamber wäert diskutéiert ginn, huet dës Elementer och iwwerholl vum Paul-Henri Meyers, esou dass mer hei op enger Wellelängt sinn.

Richteg ass, dass dës Proposition de loi net esou wäit geet wéi déi Proposition de loi vum Ben Fayot aus dem Joer 2000, déi manner restriktiv war, mä richteg ass awer och, dass mer am Fong geholl hei et fäer-deg bréngen, en identesche Wahlmodus ze kréie bei den Europawahlen, wat dann och d'Mandater sollt an datselwecht Liicht set-zen.

An duerfir hunn ech och weíneg Problemer mat deenen Ängscht, déi do sinn, dass déi Reserv, déi do wär bei de gewieltene Leit, net duergeet, oder anescht ausgedréckt: Mer hunn elo nach just sechs Kandidaten.

Loosse mer emol unhuelen, eng Partei huet ee Kandidat, dann huet se fënnef Leit an der Reserv; wa se der zwee huet, huet se véier Leit an der Reserv a wa se dräi Man-dater hätt, huet se nach dräi Leit an der Re-serv. Ech sinn der Meenung, dass dat lar-gement muss duergoen, wa wierklech dat Mandat esou seriö geholl gëtt wéi national Mandater, zum Beispill déi an der Chamber.

Ech ka mech net erënneren, dass, wann d'Mandatsperiod amgaange war, huet mis-sen op méi wéi dräi Leit zrëckgegraff ginn,

fir an der Chamber opzefëllen an deenen eenzelne Fraktiounen. An do muss een nach kucken, dass een hei statistesch méi héich Nummern huet. Wann Dir eng Frak-tioun hutt vun zéng Leit, ass d'Probabilitéit méi grouss, dass een wechfält, wéi wann Dir nëmmen eng hutt vun zwee oder dräi Leit, esou dass ech déi Ängschten, déi ausge-dréckt gi sinn, och vun der Madame Bras-seur, betreffend den Artikel 326, ganz relativ gesinn. Vun der Madame Flesch, pardon.

Ech sinn awer d'accord, déi Diskussiounen elo nach eng Kéier ze féieren iwwert déi Komplementarwahlen, wann de Projet de loi - deen och deemnächst vun dem Statsrot aviséiert gëtt - soll an der Kommissioun res-pektiv hei an der Chamber diskutéiert ginn. Wat wichteg ass, dat ass, dass mer versi-chen, eist Wahlgesetz esou praktikabel wéi méiglech ze maachen, esou gutt wéi méig-lech un der Realitéit unzebannen, an dat ass, mengen ech, hei gelongen. Duerfir mengen ech och, dass dëst eng gutt Initia-tiv, e gutt Gesetz ass, wat mer elo hei an d'Realiteit ëmsetzen.

Ech géif och dovou profitéieren, fir dem Paul-Henri Meyers Merci ze soe fir dës gutt Initia-tiv, an ech géif eis Rendez-vous ginn an den nächste Méint, fir dann hei deen anere Pro-jet de loi ze diskutéieren, ouni ze vergies-sen, dass mer doudsécher wäerten eng se-riö Campagne d'information maachen, wéi d'Madame Flesch dat virdru gesot huet, esou dass ech hei kënnt eng positiv Schlussfolgerung zéien zu dëser Proposi-tion de loi.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Elo komme mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 5803 et dispense du second vote constitutionnel

D'Proposition de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Ober-weis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Wei-ler et Michel Wolter (par M. Lucien Cle-ment);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bo-dry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi iwwert d'Jugend. D'Wuert huet d'Rapportrice, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

3. 5685 - Projet de loi sur la jeunesse

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeu-nesse

» **Mme Marie-Josée Frank** (CSV), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dam-men an Dir Hären, d'Gesellschafts-an In-tegrationsreforme sollen d'Sozialkohesioun stäerken, an ech mengen de Gesetzespro-jet 5685 sur la jeunesse, dat ass esou een. D'Zil vun enger éierlecher Jugendpolitik muss et sinn, jiddfr Jugendlechen eng Chance ze gi mat ze denken, mat ze plan-gen a seng Zukunft dierfen ze gestalten. Po-

litik a Gesellschaft müssen awer bereet sinn, der Jugend Méiglechkeeten ze ginn, Visiounen ze entwéckelen.

Fir sech den Erausfuerderunge vum Liewen ze stellen, muss een awer am Virfeld ge-léiert hunn, wéi een d'Défië vum Liewen ugeet, an dat am beschten an der Famili. Ech ginn de Verdacht net lass, datt et, an enger schnellllieweger, differenzéierter, egoistescher Welt mat rasanter Entwéck-lung, ëmmer méi schwéier gëtt, sech ze po-sitionéieren. Dëst géllt virun allem fir vill vun eise jonke Matbierger. Et ass d'Aufgab vun enger moderner, globaler an transversaler Jugendpolitik, Wäert op méi Participatioun a méi Integratioun ze leeën, baséiert op fon-déiert Donnéeën.

Bis elo hate mir zu Lëtzebuerg een eenzegt Gesetz iwwert d'Jugendpolitik, d'Gesetz vum 27. Februar 1984 iwwert de Service National de la Jeunesse. Or, dëst Gesetz ass iwwerlieft. Et spigelt weder d'Evolutioun vun deene leschten zwee Jorzéngten um Niveau vun eiser Gesellschaft nach um Ni-veau vun der Perception vum eiser Jugend-politik erëm. D'Jugendpolitik därerf sech net nëmmen op Fräizäitaktivitéiten an analog Servicer beschränken.

D'Jugendpolitik, an dat geet ganz kloer aus deem virleiene Gesetzestext ervir, huet als Zil, e liewenswäert Ëmfeld ze schafen, wat d'Entwécklung vun alle jonke Mënschen ugeet, wou Integratioun an Education am Mëttelpunkt stinn. Jonk Leit zu responsa-bele Bierger ze erzéien, déi aktiv un enger verbesserter Welt deelhuele kënnen, ass ei-ser aller Aufgab. Erzéiung muss prioritär do-heem geschéien, kann net vun der Politik gemaach ginn. Mir kënnen nëmmen een Ëmfeld schafen.

De Champ d'application vun der Jugendpo-litik huet sech enorm an deene leschte Jore verännert, ënnert dem Impuls vun zwou Di-rektivinnen, déi 1997 vum Familljeministère ausgeschafft gi sinn an déi décke Luef ver-déngt hunn. Och d'Gemenge sinn an deene leschte Joren ëmmer méi an d'Jugendpoli-tik agebonne ginn. Eng Rei vun Aktiounen a Realisatiounen, Kanner- a Jugendkommun-alréit, Jugendforen, d'Verwierklechung vun engem Réseau vu Jugendhaiser, déi eng enorm wichteg Roll spillen, mä awer och déi staatlech finanziell Ënnerstëtzung, wat d'Opriichte vun Infrastrukture fir jonk Leit ugeet, zeie vun enger diversifizéierter Ju-gendpolitik. Mä och déi international Koo-peratioun, sief dat um Niveau vun der EU, der UNO oder dem Conseil de l'Europe, hunn dozou bäigedroen, datt der Situatioun vun deene Jonke méi a besser Rechnung gedroe gouf.

D'Lëtzebuerger Gesellschaft huet sech an deene leschte Joren immens verännert. Déi staark Immigrationswell säit den 80er Jore spigelt sech an der Lëtzebuerger Demogra-phie erëm. Méi wéi 42% vun deene jonke Bierger hunn en Immigratiounshanner-grond. Hir Besoinen an Erwaardunge musse mir eescht huelen. Wann een den Experte gleeft, datt Lëtzebuerg am Joer 2050 eent vun deene Länner wäert si mat deem héchste Prozentsaz vu Jugendlechen, ass et evident, dass d'Jugendpolitik sech pre-ventiv, also am Virfeld de Besoinë muss upassen.

Wann d'Aktiounen vun der Regierung a vum Service National de la Jeunesse sech adap-téiert an diversifizéiert hunn, bleibt et awer, datt mir zurzäit keen adequate moderne le-gislative Kader hunn. Dëst ass den Objet vum virleiene Gesetzestext. D'Komplexitéit vun der Jugendpolitik verlaangt souwuel eng transversal wéi eng global Approche. Politesch Interventiounen an engem Beräich hu ganz oft Répercussiounen op een oder aner Beräicher, zum Beispill an der Schoul, der Aarbechtswelt, dem Wunnberäich, an net ze vergiessen, den Développement du-rable.

Eng kohärent an effikass Jugendpolitik setzt och onbedéngt viraus, datt een am Virfeld eng Vue d'ensemble vun der Situatioun vun deene Jonke kritt. Aus dëse Grënn gesäit de Projet de loi sur la jeunesse d'Schafung vun engem Comité interministériel wéi och d'Redaktioun - all fënnef Joer - vun engem nationale Jugendrapport iwwert d'Situatioun vun deene Jonke vir. En dréit domat de Re-commandatiounen vum Conseil de l'Europe Rechnung, déi Lëtzebuerg 2002 opgefuer-dert hunn, eng méi global Approche zur Ju-gendpolitik ze entwéckelen.

De Gesetzesprojet gesäit duerfir och vir, en Observatoire de la jeunesse ze schafen. De Rapport, vun deem elo grad Rieds war, wäert op Elementer an Donnéeën opgebaut ginn, déi vun dësem Observatoire zur Verfü-gung gestallt wäerte ginn. D'Schafung vun dësem wichtegen Organismus weist de Wëlle vun der Regierung, hir Jugendpolitik op besser Kenntnisser vun de Jonken an hire Liewenskontitiounen ze baséieren.

Et kann een nach preziséieren, datt et keng nei Struktur mat eegenem Personal gëtt, mä datt et drëm geet, fir bestehend Recher-chen ze koordinéieren an d'Donnéeë bes-ser zesummenzeféieren.

Dësen Observatoire huet ëmsou méi eng Daseinsberechtigung, well eben d'Gesell-schaft mat hire Besoinen extrem schnell evoluéiert. Den Engagement vun de Ju-gendlechen a jonken Erwuessenen an Dé-baten iwwert den europäesche Verfas-sungsvertrag wéi iwwert de 5611 hu bewi-sen, datt, wann déi Jonk sech vun dem tra-ditionelle politesche System ofwenden, dem System mësstrauen, si sech fir aktuell Ge-sellschaftsfroen interesséieren an an der Diskussioun seriö deelhuele kënnen.

Et ass ervirzehiewen, datt den nationale Plan d'action, deem déi grouss Linne vun der Jugendpolitik fixéiert, an enker Mataar-becht mat deene Jonken an hiren Organisa-tiounen wäert geschriww ginn. D'Aufgab vum Stat ass et, fir Viraussetzunge fir méi In-tegratioun a Participatioun ze schafen.

Bei enger séier wuessender Gesellschaft wéi der Lëtzebuerger ass et wichteg, all déi Jonk fréi mat an d'Boot ze huelen a si un de politeschen Diskussiounen ze bedeelegen - Lëtzebuerger an Netlëtzebuerger. Dat ass och e wichtegen Deel vun enger gesonder, seriöer Integrationspolitik. Déi Jonk sinn déi, déi spéider d'Konsequenzen zum Bei-spill vun eiser Ëmweltpolitik droen. Datt si bereet sinn, matzemaachen, hu si ganz couragéiert de leschte Freideg hei an der Chamber bewise bei der Conférence des jeunes, déi d'CGJL regelméisseg organi-séiert an déi dës Kéier ënnert dem Thema „Ëmwelt“ stoung.

D'Bedelegung vun de Jonken um demo-kratesche Prozess souwéi hir sozial Integra-tioun setzt awer e strukturellen Dialog vi-raus, an dee muss professionell organiséiert ginn. D'Assemblée nationale de la jeunesse wéi och de Conseil supérieur de la jeunesse sollen dës Roll iwwerhuelen. Si stellen do-madder déi zwee Instrumenter duer, déi de strukturellen Dialog solle fördern.

Eng modern Jugendpolitik responsabili-séiert virun allem d'Gemengen. De lokalen Niveau ass nämlech den idealen direkte Mi-lieu, wou si sech kënnen androen an aktiv deelhuelen. Eng Resolutioun vum Conseil während der leschter Lëtzebuerger Prési-dence am Mee 2005 huet d'Memberstaten opgefuerdert, déi lokal a regional Autoritéi-ten ze mobiliséiere mam kloren Zil, méi jonk Leit ze sensibiliséieren, sech fir den demo-kratesche Prozess ze begeeschten.

D'Jugendkommunalkommissiounen stellen den ideale Kader duer, wou déi Jonk hiert direkt Ëmfeld kënnen matbestëmmen a mat organiséieren. De Fait, datt de Stat seng fi-nanziell Participatioun bei kommunalen In-frastrukturprojete fir jonk Leit un d'Opstel-lung vun engem Plan communal jeunesse bënnt, wäert d'Gemengen hoffentlech méi incitéieren, hirer Roll als Promoteur vun der Citoyennetéit vun hire Jonke gerecht ze ginn.

An dësem Kontext géif ech begrëissen, wa méi kleng Gemenge géife regional Jugend-kommunalpläng erstellen zesumme mat de Leader-Aktiounen, fir déi och an de Re-giounen besser se entwéckelen. Dobäi kënnen si begleet gi vun der Uni Lëtzebuerg. Esou e Projet zéie mir elo an eiser Gemeng - der Gemeng Betzder - mat der Gemeng Nidderaanwen duerch.

De Plan communal jeunesse ass een Instru-ment fir déi Jonk a mat deene Jonken. E ba-séiert op verschiddenen Etappen, wou en Inventär erstallt gëtt, fir eng konkret Situa-tioun kënnen ze bilanzéieren, wou Jugend-foren organiséiert ginn, déi Ziler definéieren, an da kënnen Aktiounspläng opgestallt a realiséiert ginn.

D'Acteure vum Secteur jeunesse ginn am virleiene Gesetzesprojet preziséiert an déi staatlech finanziell Ënnerstëtzung deement-sprechend gewäert. Dee virleierenden Text wäert souwuel d'Bénévolat wéi d'Jugendor-ganisatiounen op, dëst iwwert de Wee vun enger formeller Unerkennung. D'Innova-tioun an d'Adaptatioun vun deene beste-henden Aktiounen sollen duerch d'Schafung vun engem interne System assurance qua-lité encouragéiert ginn, deem all den Ac-teuren aus dem Jugendberäich Hëllef soll, datt hir Mesuren och bei deene Jonken